21.06.2007

Débat d'orientation à la Chambre des Députés le 21 juin 2007 sur la chasse

Déclaration de Monsieur Lucien LUX Ministre de l'Environnement

Allgemeng Bemierkungen

Den Hearing an der Chamber huet dat bestätegt wat ech schonns virun 2 Joer, bei menger éischter ëffentlecher Ausso am menger Fontkioun als Ëmweltminister, zur Juegd gesot hunn:

D'Juegd u sech steht net zur Dispositioun.

D'Juegd steht awer zur Diskussioun an ass souguer deelweis hefteg kritiséiert ginn.

Ouni wellen en Amalgam vun alle Jeeër zemachen huet d'Juegd en Imageproblem well se sech net eiser moderner Gesellschaft ugepasst huet.

Eis Ëmwelt an eis Gesellschaft hunn iwwert Jore staark evoluéiert an d'Finalitéiten vun der Juegd hu sech deemno massiv verännert.

- **D'Juegd ass hei zu Lëtzebuerg keen essentielle Lieferant vu Fleesch méi.**
- **D'Juegd déngt net méi der ideologescher an op Superstiounen a Märecher baséierter Exterminatioun vu Raubdéieren.**
- **D'Juegd därf net méi exklusiv zum Pleséier vu gewëssene Jeeër ausgeübt ginn.**

D'Juegd soll **en Instrument vun engem ekologesche Wëldmanagement** sin, dem seng Funktioun et ass Wëlddichten engersäits sou déif ze halen dat ekologesch an ekonomesch Schied fir Land- a Forstwirtschaft limitéiert kenne ginn, an anersäits fir bedroten Aarten et ze erméigleche sech nees ze erhuelen.

D'Juegd am 21 Jorhonnert muss dem Intérêt général dingen a sech domat ökologesche Prämissen ënneruerdnen. Et as en enormen Défi fir d'Jéerschaft dëser Aufgab gerecht ze ginn an et verlaangt vun hinnen e Paradigmewissel. Den Intérêt Général gëtt et net zum Nulltarif mä e muss ökologesch legitiméiert sinn.

Ech well hei betounen dat ech, vu menger perséinlecher Opfaassung zur Juegd, déi ech mer ugëeegent hunn, laang ier ech mech als Minister hu misse mat dësem Thema beschäftegen, éischter d'Bedenken vun den Déiereschützer, wéi dem direkten Intressi vun der Jeeërfederatioun nostinn.

Wëssenschaftlech fondéiert Studien iwwer d'Densitéit vu Wëld, an de Schued de verschidde Wëldarten hei zu Lëtzebuerg uriichten, hu mech awer iwwerzeegt dat perséinlech Retizenze par rapport zur Juegd, esou novollzéibar se och am Eenzelfall sinn, am Verhältnis zu iwwergeurdneten Intérêten vun eiser Gesellschaft net däerfen d'Iwerhand huelen.

Ech sinn also iwwerzeegt dat mir eng integréiert, naturgerecht an nohalteg Juegd brauchen! D'Juegd muss sech als e Bestanddeel vun der Gestioun vun Natur a Landschaft verstoen an do mat aneren Akteuren proaktiv zesumme schaffen.
Dat muss d'Basis vun all neier Gestzgebung sin, eng Basis déi op e grousse Konsens trëfft, mais déi spéider och Kontroll an déi néideg Sanktioune brauch.

Wann ech op déi vergaange Méint zeréck kucken, mer déi verschidde Positiounspabeieren an Diskussiounen an der Ëffentlechkeet an an der Chamber virun Aen halen, an e Bléck an d'Zukunft werfen, drängt sech en Appel un all Koncernéiert op:

- **Fir eng weiderhi vernünfteg an onpolemech Debatt,**
- **Fir de Respekt virun ënnerschiddleche Positiounen,**
- **An fir eis elo Zäit ze loosse fir e kohärente Projet de loi auszeschaffen, den den Objet vun Analyse an Diskussioun wärt sin.**

Ier ech zum Contenu vun der excellenter Aarbecht vun der Chamber well agoen, nach folgend Précisioun:

Mir befannen eis hei an engem Débat d'orientation, an als solch soll dësen Exercice och verstan ginn. D'Chamber soll der Regierung richtungsweisend Indikatioune kinn wéi en zukënftegt Juegdgesetz soll ausgesinn. Dat wat also am Virfeld vun dëser Debatt an an der Motioun vun der Chamber behandelt ginn ass, ass nach net an de Stee gemeesselt. Ech kommen op des Konstatatioun spéider nach eng Kéier zréck.

Haaptpunkte vun enger Revisioun vun der Juegtlégislatioun:

Ausgangspunkt vun enger genereller Revisioun vun der Juegd ass déi bestehend Législatioun iwwert d'Juegd déi méi wéi honnert Joer al ass.
Et ass also absolut noutwenneg fir e neit Juegdgesetz ze schreiwen wou Relikter aus vergaangen Zäiten definitiv verschwannen, an nei Konzepter an Reglementéierunge musse verschafft ginn.

Ech well hei a kuurze Wierder de Point machen iwwer déi Haaptpunkten, déi e neit Juegdgesetz muss beinhalten

- **Een definitivt Verbuet vun der Fiderung vu Wëld**
- **Eng strikt Reglementéierung vun der Kirrung**
- **Eng weiderhi flexibel Reglementéierung vu Juegdzäiten an Aarten déi kënne gejot gin, mä och eng Präziséierung, unhand vun wessenschaftleschen Kritären, firwat eng Aart kann gejot gin**
- **D'Obstellen vu Plans de tir mat minimalen Ofschosszuelen pro Juegdlous, opgestallt vun enger commission cynégetique där seng Kompositioun, am Sënn vu méi Transparenz an Ausgeglachenheet, muss redefinéiert ginn**
- **Eng formell Interdictioun vun Ausetzen vun Wëld**

- **D'Affëiereung vun der Chasse administrative**
- **Eng Redéfinitoun vun de Limitë vun de Juegtlousen no ékologeschen Kritèren**
- **D'Méiglechkeet vun enger revéieriwergreifender Bejohung**
- **D'Ofschaafen vun der Notioun vun Espèces nuisibles**

Erlappt mer kuerz op eenzel vun dëse Punkten anzegoen:

Zur Fidderung

Den Haaptdiskussiounspunkt an der Debatt iwwert d'Juegd war sécherlech den vun der Fidderung.

Keen huet d'Fidderung am Endeffekt verteidegt, schidfereen, inklusiv d'Vertrieder vun de Jeeër selwer, hu se als e Beweis vun Ignoranz vun elementare biologesche Prinzipien entlarft, eng Aart « élevage intensif » vun Déieren a fräier Natur.

Fiderung muss also an engem neie Juegdgesetz verbuede ginn, inklusiv d'Ooflenkfidderung. Dat ass e neie Moment a richtungsweisend.

Wou d'Meenungen ausernee gaang sin war bei der Kirrung. De Fait Déieren duerch en Apport fun Nahrung op verschidde Platzen ze lackelen fir se ze schéissen.

Wann um Prinzip vun dëse Praktiken keen a priori kann dogéint sinn huet d'Praxis bewisen dât d'Kirren net kann egal wéi gemaach ginn, dat se kann an eng regelrecht Fidderung ausarten an dat eng reglementéiert Kirrung schwéier ass ze kontrolléieren.

Et geet also hei em eng Gradwanderung zwësche gezieltem, zwecksorientéierten Ulackelen vun Déieren a massivem Kippe vu Mais an eise Bëscher.

D'Kirrung soll sou reglementéiert ginn dat se et dem Jeeër erlaabt méi ze schéissen an et vu fir eraus ausgeschloss ass dat eng Fidderung als Kirrung ka getarnt ginn. Dëst gëtt an engem Reglement gemaach, wéi dat zum Beispill am Rheinalnd-Pfaltz geschitt ass, wat en parallel zur neier Gesetzgebung ausgeschafft gëtt. Dëst Reglement muss zum Beispill kloer definéiere wéivill a wat fir eng Quantitéite vu Fudder dem Prinzip vun der Kirrung gerecht ginn. Et muss definéiert gi wat nach däerf ausgeluegt ginn a wéi dat soll geschéien. Eng machinell semiautomatiséiert Ausfuhr vu Nahrungsmëttel soll zum Beispill an Zukunft net méi erlaabt sinn. Des weideren wärt d'Kirrung just nach zu bestemmten Zaiten am Joer erlaabt sin.

Zu den „espèces chassables"

E weidere kritesch diskutéierte Punkt ass den vun den Aarten déi däerfe gejot ginn. Des Polemik ass an der Debatt op eng Fro vun der Fuussejuegt reduzéiert ginn, geet awer méi wäit wéi dat :

Nom Prinzip dat keng Juegd méi just fir de Pleséier kann ausgeübt ginn musse Kritèren hier fir d'Identifikatioun vun Aarten déi kënne gejot ginn.

Eenzel Biologe soe mir dat de Fuus misst gejot ginn well et e Predateur ass vu Nidderwelt, anerer ennerstraichen dat d'Bejoen vum Fuus éischter zu enger Augmentatioun vu Populatioune féiert an selwer en effet régulateur op verschidden Déieren ausuréiert.

Medeziner warne firum Fuusebandwurm. D'Froo op de Fuus soll ënner verschiddene Konditioune gejot ginn stellt sech also allemol.
Meng Äntwert op des Fro ass déi dat wa sech Problemer, sief dat ekologescher oder sanitärer Natur, mat enger Aart wéi de Fuus effektiv stellen dann ass d'Juegd e Moyen fir desem entgéintzewierken.

D'Wëldbiologie ass weder eng statesch Disziplin nach eng Science exact mat virausehbaren Entwécklungen. **Gestioun vu Wëld muss also flexibel sinn wat a mengen Aen eng ze detailléiert Definitioun per Gesetz vun Aarten, déi kënne bejot ginn ausschléisst. Hei muss ee Flexibilitéit garantéieren an dat geet nëmmen, wéi dat och schonns haut geschitt, iwwer e Reglement grand-ducal.** Kritèren déi zur Bestemmung vu Juegdzaiten a Wëldaarten dengen mussen awer wessenschaftlech fondéiert an ethesch vertriedbar sin. « La chasse uniquement pour le plaisir » ass keen Thema méi.

Zum allgemenge Stellewäert vun der Juegd

Zum Schluss nach e Wuert iwwer den allgemenge Stellewäert vun der Juegd an eiser heiteger Gesellschaft:

Nach eng Kéier well ech drun erënneren dat déi mannsten d'Juegd u sech a Fro gestallt hunn. Villméi geet et drëm d'Juegd den Ufuerderunge vun eiser heiteger Gesellschaft an enger nohalteger Gestioun vun der Natur am Sënn vun dem Erhale vun der Biodiversitéit an enger adaptéierter Exploitatioun vun eisen natierleche Ressourcen, unzepassen.

Ech ginn heimat also vum Prinzip aus dat d'Juegd, als en Instrument vun ekologeschem Wëldmanagement, eng Missioun am Intressi vun der Gesellschaft erfëllt.

Wa mer bei dëser Optioun bleiwe muss dëse Prinzip am Artikel 1 vun engem neien Juegdgesetz verankert ginn , mat folgende Konsequenzen:

- Juegdpraktiken déi dëser Missioun net gerecht ginn, ech denken un Fidderung, oder dat absichtlecht net Anhalen vun Ofschossquoten sinn d'office vum Dësch a strofbar.

- D'Adhésioun zu engem Juegdsyndikat vun alle Propriétaire misst garantéiert sinn .

Heizou e puer Präzisiounen:

D'Chamberskommissioun huet sech eestëmmeg fir d'Baibehalen vun der Klappjuegd als essentiellt Mëttel zur Wëlddichtreduzéierung ausgeschwat. Mir ginn am Ausland fir des Méiglechkeet beneit. Si ass effikass an erlaabt laang Rouzaiten am Bësch fir d'Wëld an aner Beschbenotzer, eng Revendikatioun déi unanime vun alle Säite gemaach ginn ass.
Eng Schwaitzerkeiskonstellatioun vu Juegtlousen wou, Hënn, Kläpper a Jeeër mussen am Slalom operéieren, wäert d'Klappjuegt op d'laang Weil manner effikass, an eng Reduktioun vun héige Wëldichten manner realistesch machen.

Wa mer also eng flächendeckend an doduerch effikass Juegd , par le moyen vun der Klappjuegd wëlle garantéieren, ass d'Adhésioun vun alle Propriétairen an engem Syndikat eng bal logesch Konsequenz. Des Optioun, déi d'Chamber an hirem Rapport hellt an där ech mech uschléissen ass kee Cadeau un „d'Juegdlobby" (dixit Camille Gira), mee eng praktesch

Noutwennegkeet am Kader vun der Redefinitioun vun der Juegd an de Moyenen déi hir zur Verfügung stinn.

Mir orientéieren eis hei ganz kloer un dem rezenten Urteel vum Bunderverfassungsgericht aus Däitschland, dat non-obstant vun engem Arrêt Chassagnou um europäesche Geriichtshaff, seet dat wann d'Juegd eng Missioun d'intérêt général huet, den acte de chasse net zu enger sou gravéierender Aschränkung vum droit de propriété an der liberté d'associationn féiert fir dat perséinlech Rétizensen zur Juegd iwwerhand kennen huelen par Rapport zu engem Allgemegintressi un ekologesch tragbaren Wëlddichten.

D'Bundesverfassungsgericht seet heizou Folgendes:

- „Die Regelungen über die gemeinschaftlichen Jagdbezirke und das Jagdausübungsrecht durch die Genossenschaften verfolgen legitime Ziele, sind erforderlich und beinträchtigen die Eigentümerinteressen nicht unverhältnismäßig."

Des legitim Zieler sinn am Bundesjadgtgesetz folgendermoossen emrass:

„(…) die Erhaltung eines den landwirtschaftlichen und landeskulturellen Verhältnissen angepassten artenreichen und gesunden Wildbestandes, sowie die Pflege und Sicherung seiner Lebensgrundlage."

Genau des Zieler sollen och hei zu Lëtzebuerg an engem neien Juegdgesetz definéiert ginn. **Des Approch gëtt eendeiteg vun engem Avis juridique am Optrag Ëmweltministère bestätegt.**

Dëst widdersprécht net dem Fait dat mer hei zu Lëtzebuerg , wéi och vum europäesche Geriichtshaff zu Stroossbuerg, Uerteeler virléien hunn, an nach erwaarden, déi zum Deel anescht argumentéieren. .
Ech well awer ënnersträichen dat all des Uerteeler sech op eist Gesetz vun 1925 beruffen an dem weder d'Missioun nach den intérêt general vun der Juegd definéiert ginn ass. D'Fro op d'Juegdsyndikater wéi se am Moment hei zu Lëtzebuerg fonctionnéieren iwwerhaapt mat enger „Association", am Sënn vun der europäescher Mënscherechtskonventioun, entsprieche well ech hei mol iwwerhaapt net opwäerfen, well et eis an dësem juristeschen Dédalle am Moment net weider bréngt.

Déi Optioun déi mer hei huele wëllt net heeschen dat perséinlech Aversiounen zur Juegd , déi mengen ech méi duerch den Imageproblem vun der Juegd , wéi duerch den „acte de chasse" selwer hir kommen, einfach ignoréiert gi sinn . Villméi mengen ech dat d'Redefinitioun vun der Juegd als Instrument vum Wëldmanagement am Sënn vum Naturschutz Villen vun de Juegtgéigner wäert entgéint kommen.

Leschtenenns, heescht den Intérêt publique vun der Juegd dat d'Jeerschaft sech muss esou verhalen dat d'Öffentlechkeet, déi sech fir méi Naturschutz breet mécht, sech mat hir identifizéiere kann. A gleeft mer dat brauch considérabel Efforten an Iwerzeegungsaarbecht vu Säite vun de Jeeër compte tenu vun där dach relativ schlechter Reputatioun déi se oft do bausse genéisst.

Dem Jeeër wäert an Zukunft méi genau op d'Fanger gekuckt ginn , mais mir sollten him keng onnëtz Steng an de Wee leeë fir seng Missioun kennen ze erfëllen.

Zu gudder lescht well ech d'Juegd an hire Stellewäert am Kader vun eisen nationalen Efforten a punkto Naturschutz kuerz beliichten. De Plan national iwwer den Naturschutz, den leschte Mount offiziell virgestallt gi ass weist kloer dat et net nemmen d'Juegd ass déi responsabel ass fir dach oft erschreckend Réckgäng vu verschiddenen Aarten an Habitater hei zu Lëtzebuerg. Eng naturgerecht an nohalteg Juegd ass also just e klenge Bestanddeel vun enger Serie vu Mesuren déi mussen an Ugréff geholl ginn fir eisem internationalem Engagement, den Artenverloscht bis 2010 ze stoppen, gerecht ze ginn. D'Juegd soll also net iwwerbewäert ginn mais hirer spezifescher Funktioun am Kader vun enger gezielter Naturschutzpolitik gerecht ginn .

Conclusion:

D'Method vun de leschte Méint as konform mam Regiirungsprogramm: Orientéirungsdebatt an der Chamber, Projet de loi bis Ufank 2008, wa méiglech Vote nach an dëser Legislaturperiod.
Ech war 15 Joër Députéierten an hu selten eng esou exemplaresch, transparent an oppen Préparatioun erliewft.

Ech wëll allen Bedeelegten, besonnesch awer dem Président Negri an dem Rapporteur Schneider félicitéieren fir hir exellent Arbescht.
Ech loosse mech, wéi all déi, déi sachlech des Debatt verfolgen, net vu Polemiken infizéieren:
Ech wees dat mir elo den Obtrag hun e Projet auszeschaffen den d'Juegd endlech an eng Gesellschaft vum 21ten Jorhonnert féiert: naturgerescht an nohalteg.
Déi Arbescht pake mir lo un!

(Es gilt das gesprochene Wort)